

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2023

La question parlementaire a été retirée 07.12.2023

Här Fernand ETGEN  
Chamberspräsident  
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

*„Zanter enger Rei Jore gëtt geplangt fir den Dikricher Härebiereg iwwer eng Aart Brëtell un de Rond-point Fridhaff unzeschleissen. Dëst géif et der Kasär Grand-Duc Jean erlaben, fir en direkten Accès un d'B7/A7 respektiv un d'N7 ze kréien.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:*

- Ass et an Tëschenzäit méiglech gewiescht, fir all déi erfuerdert Terrainen, déi fir dës Verbindung gebraucht ginn, opzekafen?*
- Kéint den Här Minister de geneeë Verlaf vun dëser geplangter Entlaaschtungsstrooss beschreiwen?*
- Si bei der Realisatioun vun dësem Projet Kompensatiounsmoosnamen néideg? Wa jo, wat wieren dat fir Mesuren?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER  
Deputéierten



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu